# Adaptatioun vun Hygiène-Mesuren a Schoule wier ëmmer méiglech

Vum François Aulner|Update: 19.10.2020

**Invité vun der Redaktioun: Claude Meisch**

Den Educatiounsminister war e Méindeg de Moien eisen Invité vun der Redaktioun.

Wann den Opruff un d'Eegeverantwortung keng Friichten dréit a „wann d'Zuelen et imposéieren, da wäert d'Regierung hir Responsabilitéit iwwerhuelen". Dat war d'Äntwert vum Claude Meisch e Méindeg de Moien hei op RTL op d'Fro, ob am Regierungsrot e Samschdeg driwwer diskutéiert gouf, fir d'Versammlunge vu Leit vu maximal 10 op 6 ze reduzéieren. Den Educatiounsminister huet awer erkläert, datt een elo nach misst ofwaarden, fir ze kucken, ob d'Leit sech no der Pressekonferenz vun e Samschdeg anescht verhalen. Hien huet bedauert, datt e Samschdeg den Owend „nach net jiddereen dat gemaach huet, wéi mer aus de Nouvellen héieren hunn". Doweinst de Rappell vum Claude Meisch: *„Mir mussen einfach nach e bëssen duerhalen an dëser gelungener Welt an eis mat ganz ville Reegelen aschränken, fir awer e Stéck Fräiheet op der anerer Säit weider kënnen ze hunn".*

An de Schoulen a Lycéeë ginn et och positiv Covid-Fäll an de Géigendeel wier gelungen, esou den Educatiounsminister. Allerdéngs wier et nach ëmmer esou, datt de Gros vun de Kanner a Jugendlecher sech net an der Schoul ustiechen, mä éischter an der Famill oder bei anere Fräizäitaktivitéiten. D'Santé an den Educatiounsministère géingen trotzdeem direkt all eenzele positive Fall am Detail analyséieren a ganz geziilte Mesuren ergräifen. De Claude Meisch huet e Beispill vun dësem Weekend genannt, wou e Méindeg de Moien decidéiert gëtt, eng Maison Relais zouzemaachen. Nëmmen esou kéint een dem Virus „keng Chance" ginn, sech an de Schoulen ze verbreeden a gläichzäiteg e „maximum u Bildungschancen" kënnen ze garantéieren.

De Wanter huet Mol nach net ugefaangen an op d'Fro, ob awer nei Mesuren oder A- a B-Gruppen op d'Bee gesat ginn, huet de Claude Meisch geäntwert: „Mir sollen näischt ausschléissen an dësem Joer, wou alles drënner an driwwer geet". De Stufemodell géing awer ebe grad virgesinn, datt ee punktuell ëmmer erëm Adaptatioune kann ënnerhuelen. Vill Lycéeën hu beispillsweis decidéiert, datt och wärend de Coursen Enseignanten a Schüler de Mask mussen unhunn. Schoulen hunn och d'Méiglechkeet, hiren Effektiv erofzesetzen, wat awer bis elo kaum genotzt gi wier. De Ministère verschléisst sech kenge weideren Adaptatiounen, sou de Claude Meisch. Hie géing och nach virun der Allerhellege Vakanz sämtlech Acteure consultéieren, dorënner Direktiounen, Gewerkschaften awer och d'national Schüler- an Elterevertriedungen.

Ugeschwat op Fäll, wou Etablissementer d'Eltere vu concernéierte Schüler net iwwert e positive Fall an enger Klass informéiere géingen, huet de Claude Meisch op de „Secret médical" verwisen. Dat wier ee ganz sensibele Punkt an dee misst och respektéiert ginn. Trotzdeem géing jiddereen, dee concernéiert ass, informéiert ginn.